**THE CROSSING OF THE OUR RIVER IN STOLZEMBOURG**

September 11th, 2024

Erny T. **KOHN.**

Keng Wierder kënnen déi euphoresch Freed vun de Lëtzebuerger beschreiwen, wéi an de fréie Moiesstonne vum 10. September 1944 Unitéite vun der 5. US Panzerdivisioun an de Grand-Duché amarschéiert sinn. D'Stroosse ware voll vu Mënschen, déi hir nei gewonne Fräiheet zelebréiert hunn, den US Boys goufe Blummen an de Grapp gedréckt, Hänn goufe gedréckt, d'Lëtzebuerger Fändele goufen aus hire Stoppe geholl, d'Heemecht gouf spontan gesong, Meedercher a Fraen hu jonk Amerikaner an den Aarm geholl, gedréckt ... jo a verschiddener vun hinne krute souguer eng Bees. De Krich war aus! Am Éislek an an eisen Ostkantonen Veinen an Eechternoach - fir e puer Méint just...

Keen hätt sech kënne virstellen, datt nëmmen een Dag méi spéit aacht US-Zaldoten hei an dësem klengen Duerf géife Weltgeschicht schreiwen.

Dir Dammen an Dir Häre mat all Ären Titelen, Qualitéiten a wichtege Funktiounen déi Dir haut hei op dëser historescher Platz representéiert:

Den 11. September 1944 kruten d'Opklärungseenheeten vun der 5. US-Panzerdivisioun den Uerder, sou séier wéi méiglech iwwert déi däitsch Grenz ze setzen, fir erauszefannen, ob déi sougenannte Siegfried Linn besat wier. Ënnert dem Kommando vum Sergeant Warner Holzinger gouf eng vu méi Patrullen den Dag lassgeschéckt fir sech rof an den Ourdall virzetaaschten. Seng Sektioun bestoung aus dem Corporal Ralph Diven, T/5 Coy Looke, PFC William Mc Colligan, PFC George Mc Neal, PFC Jesse Stevens an him selwer.

***Dans leurs rangs se trouvait un membre de l'armée française, le Lieutenant Lionel DeLille, qui servait comme traducteur et qui avait rejoint les troupes américaines depuis la libération de Paris.***

All waren se Deel vun der Trupp B, 85. Kavallerie Schwadroun vun der 5. US-Panzerdivisioun.

Wéi si an hir Missioun gaange sinn, si si mam Holzinger senger Jeep an der Géigend vum Këppenhaff fortgefuer. Dës Jeep war mat engem Funk equipéiert fir kënne mam 2. Peloton a Kontakt ze bleiwen. Si hunn sech virsiichteg a Stolzebuerg era beweegt. Hei hunn si vun den Awunner matgedeelt kritt, datt keng feindlech Zaldoten an der Géigend wieren. Den Holzinger, deen däitsch Virfaren hat, war dacks frou, datt hien Däitsch konnt: schwätzen a verstoen. De Warner William Holzinger, gouf nämlech zu Heilbronn an Däitschland als Werner Willi Holzinger den 31. März 1916 gebuer.

***Together with his parents and three older siblings, Holzinger came to the United States in 1921 and was naturalized as a US citizen in September 1940. He lived in Wisconsin and worked for the Fort Atkinson Creamery Company … as a truck-driver. After the beginning of the Second World War he joined the US Army and went overseas.***

***Sergeant Holzinger's patrol preceded others only by a matter of hours. In the early evening, 80 years ago to the day a reinforced company of the 109th Infantry, 28th Division, crossed the Our river on a bridge between Weiswampach, in the northern tip of Luxembourg, and the German village of Sevenig. Almost coincidentally, southeast of St. Vith, Belgium, a patrol from the 22d Infantry, 4th Division, also crossed the Our river near the village of Hemmeres in the Eifel district of Bitburg-Prüm. Men of this patrol spoke to civilians too and, to provide proof of their crossing, procured a German cap, some currency, and a packet of soil.***

***But as I said before, only a few hours after world history was written here in this small village where we have gathered right now.***

Dem Holzinger seng Männer hate séier erausfonnt, datt déi schmuel Bréck, déi iwwert d’Our féiert, zu groussen Deeler zerstéiert war.

Glécklecherweis si si dunn dem Duerfschoulmeeschter, dem Här Léon Kugener begéint, deen si bei ee Wier, net wäit ewech vun der zerstéierter Bréck gefouert huet. En Deel vum Holzinger senger Sektioun huet sech du virsichteg iwwert dëse Wier an Däitschland geschlach, déi aner Membere vun der Patrull sinn hei op der Lëtzebuerger Säit bliwwen, fir am Noutfall kënne vun do aus Feierschutz ze ginn. Den Holzinger gouf beim Iwwergank begleet vum William Mc Colligan an dem Lionel DeLille. Zesumme mat hinnen huet hien sech weider virsiichteg a Richtung Keppeshausen (Keppessen) beweegt. Do hunn si fir d'éischt ee Bunker entdeckt, deen als Scheier getarnt war. Glécklecherweis war en net besat.

***Nachdem die nun auf drei Mann reduzierte Patrouille sicher auf deutschem Boden angekommen war, traf sie auf einen deutschen Landwirt. Leutnant DeLille und Sergeant Holzinger näherten sich dem Mann. Er erzählte ihnen, dass er noch am Vorabend deutsche Truppen hier gesehen hatte, seitdem aber in dieser Ecke keine Soldaten mehr bemerkt habe. Er sagt ihnen auch, dass sie, wenn sie den Weg hinter seinem Bauernhof weiter hinauf steigen würden, sie die ersten Bunker der Siegfried-Linie sehen könnten. DeLille, McColligan und Holzinger ziehen dann etwa 2,5 km nach Deutschland hinein. Zusammen mit dem deutschen Bauern.***

Uewen zu Waldhof ukomm haten déi dräi Amerikaner quasi eng Panoramavue. Si hunn d'Bunkere vum Hitler sengem Westwall mat hirer Spektiv observéiert a festgestallt, datt se net besat wieren.

<u>RE-ENACTMENT</u>

**No dëser Feststellung hunn sech déi dräi US-Zaldoten, zesumme mam däitsche Bauer, nees zréck op Stolzebuerg gemaach.**

**Si hunn dem Bauer Merci gesot an sech nees iwwert de Wier zréck op Stolzebuerg gemaach.**

**Hei maachen si dem Leutnant Loren L. Vipond Meldung …**

**De Leutnant Vipond transféréiert dës Informatioun dunn un d'Haaptquartéier vum CC B mat engem einfache Saz: "*Dismounted Patrols crossed into Germany at 18.15 hrs.*" An e**

**schéckt d’Coordonnée’en wou seng Leit genau riwer gaang sinn direkt mat.**

**Duerno fueren si fort, a verloossen den Ourdall …**
RE-ENACTMENT (END)

18 Minutten no dem de Vipond de Message  transferéiert hat, ass de Message beim G2 Departement (intelligence & security) vun der 5. US-Panzerdivisioun ukomm. A manner wéi 60 Minutte krut och den ieweschte Kommandeur vun den Alliéierten Truppen an Europa, de Generol Eisenhower, dës Nouvelle. Kuerz drop hunn d'Presseagencen d'Nouvelle ronderëm d'Welt verbreet, datt déi éischt US-Arméi an Däitschland erageréckt wier.

Because the division was still operating under security lockdown, it was not publicly announced at the time that it was troops from the Fifth US Armored Division who had made this historic border crossing.

Ouni e Schoss ofginn ze hunn an ouni sech iwwert déi historesch Konsequenze vun hirer Operatioun bewosst ze sinn, waren den Holzinger a seng Leit  nees géint 18.15 Auer sécher op dëser Säit vun der Our ukomm.

Dës Männer haten d'Weltgeschicht geschriwwen. Si kruten ni iergendeng militäresch Unerkennung fir hiren Asaz hei zu Stolzebuerg. Den Dag drop koumen si nees an den Asaz, wéi wann näischt geschitt wier. Si hu weider gekämpft, bis Fridden, Fräiheet an Demokratie erëm Fouss an Europa fonnt hunn.

A mir?  … Mir sollten dat ni vergiessen!

Ech soen Iech Merci!